Entrevue mat der Grénger Partei (25. Juni)

Di gréng Partei war vertrueden duurch d' Mme Colette Kutten, d' Mme Romaine Goergen (alle béid Conseiller), der Mme Monique Heinen, den Fränz Waldbillig, de Remy Goergen, an nach 2 weider Memberen.

Mir sin iwwereen komm, dass d'Extensioun vun dem Container Terminal **keng negativ Inzidenzen** däerft op d'**Liewensqualitéit am Quartier Bireng** hunn, an dass de Monster **Verdeelerkrees am Nordagang vun Diddeleng en Impakt op d'Verkéierssituatioun vu ganz Diddeleng wäert kréien**, an dass et sënnvol wier fir d'1. dat generellt **Verkéierskonzept vum Raum Diddeleng-Betebuerg-Kayl ofzewarden**, éier di definitiv Ausféirung vum Verdeelerkreess zréckbehale gëtt.

Di Gréng Partei huet awer och gemengt, dass ee misst oppassen, dass **de Poids-Lourd Verkéier net einfach bei d'Opfahrt/Ausfahrt "Centre" vun der A13 verlagert gëtt.**

Mär hunn dorops geäntwert, dass mer mat Spannung op d'Propositioun vum Verkéiersexpert Romain Molitor géife waarden, den d'Verkéiersituatioun am Raum Diddeleng-Betebuerg gudd kennt, vu dass hien och d'Etude betr. enger **zousätzlecher Bauschuttdeponie** gemat huet, zu déier de **Conseil iwwregens e negativen Avis** ginn huet (net zerletzt op Grond vum Här Molitor senger Etude - eng Etude, déi der Grénger Partei virläit).

Di Diddelenger Gréng sinn och der Meenung, dass misst drop **geuecht ginn, dass d'Compensatiounen, di de MDDI virgesinn huet, och duurchgefouert ginn** (di éischt Compensatiounen musse schon am Hierscht 2013 duurchgefouert ginn).